N°900
Entrée le 16.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet, vum Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a vum Här Finanzminister op d'parlamentaresch Fro n° 900 vum 17. Juni 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Leien dem Ministère offiziell Zuelen zum Konsum vun Zocker hei zu Lëtzebuerg vir? Wa jo, wéi ass de Konsum an der Moyenne pro Awunner a huet de Ministère Zuelen doriwwer, wéi vill Prozent vum Zocker vu Persounen ënner 18 Joer consomméiert ginn?*

*2. Wa jo, wat fir eng Conclusiounen zitt d'Ministesch aus dëse Statistiken?*

Dem Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet leie keng Zuelen iwwert d'Zockerconsommatioun vu Persounen ënner 18 Joer vir.

*3. An der Vergaangenheet gouf et och zu Lëtzebuerg scho Fuerderungen, fir entweder eng Zockersteier anzeféieren, respektiv de Verkaf vu staark zockerhaltegem Gedrénks (Limonad, Jusen, etc.) an de schoulesche Strukture ganz ze verbidden. Verschidde Gedrénks, wéi zum Beispill Cola, dierfen a verschiddene Gebaier schonn net méi verkaaf ginn. Jusen, déi zum Deel awer och en héijen Zockergehalt opweisen, dierfen awer nach ëmmer u Schüler:inne verkaaft ginn. A wéi ville Schoulen a Lycéeën ginn hei am Land nach Softdrinks (Limonad, Jusen, etc.) verkaf? No wéi enge Krittäre gouf entscheet, wat fir Gedrénks nach dierf an de schoulesche Strukture verkaaf ginn a wéi eent net méi?*

An den ëffentleche Schoulen vum Enseignement fondamental gëtt kee Gedrénks verkaf.

An deene vu Restopolis geréierte Kantinnen a Cafeteriae ginn nëmmen déi Produkter verkaf, déi an dem Arrêté ministériel festgehal gi sinn. Wann d'Schoulcommunautéit awer wënscht, datt deen een oder anere Softdrink net an hirer Kantin vu Restopolis ugebuede gi soll, kann eng Demande un de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend gestallt ginn, fir dat Gedrénks net ze verkafen. An all deene Schoulen, déi sou eng Demande gemaach hunn, gëtt keng Cola an/oder Limonad méi verkaf.

Restopolis hat viru ville Jore mat dem Verkaf vu Softdrinks an all senge Kantinnen opgehalen, allerdéngs huet dës Moossnam net dat gewënschte Resultat bruecht. Amplaz datt sech d'Gäscht fir Waasser entscheet hunn, hu si Softdrinks ausserhalb vun de Schoulstrukture kaf a mat an d'Schoul bruecht, wat dee ganz negativen Effekt hat, datt déi eidel Softdrinksfläschen herno an den ëffentlechen Dreckskëschte vun de Schoulen entsuergt gi sinn a sou d'Quantitéit vun dem Offall massiv an d'Luucht gaangen ass. Säitdeem setzt Restopolis a senge Kantinnen net méi op Verbuet, mä op Sensibiliséierung an Informatioun. Duerch hir Sensibiliséierungscampagne "Rethink your drink" an eidel Softdrinksfläsche mat Zockerwierfelen, déi an der Distributioun vun de Kantinne stinn, gëtt de Gaascht iwwert all d'Gefore duerch de Konsum vu Softdrinks informéiert, behält awer de Choix, ob hien ee Softdrink bestellt oder sech gratis Waasser aus dem Krou hëlt. Des Weidere stinn an de Restopolis-Kantinnen d'Fläsche mat Mineralwaasser an dem Bléckfeld vun de Gäscht an d'Softdrinks méi déif.

*4. Op wéi ee Montant schätzt de Staat d'Ausgabe vun der Krankekeess all Joers fir d'Behandlung vu Krankheeten, déi an direktem Zesummenhang mat ze héijem Zockerkonsum stinn, wéi zum Beispill Typ-2-Diabetes?*

Dee Lien kann net gemaach gi well den Zockerkonsum net alleng an och net ëmmer direkt an Zesummenhang mat enger Krankheet steet, och net mat enger Typ-2 Diabetes Erkrankung. Niewt dem Zockerkonsum spillen souwuel déi ganz Ernährung, wéi och d'Beweegung an en allgemenge gesonde Liewensstil eng wichteg Roll.

*5. Wéi huet d'Zuel vun de Länner, déi iwwert eng Zockersteier verfügen, zënter 2017 evoluéiert a wéi eng Resultater goufen an dëse Länner domat erreecht?*

D'Regierung féiert keng Lëscht vu Länner, déi eng sougenannten Zockersteier agefouert hunn oder drun denken, esou eng Steier anzeféieren. Zu Lëtzebuerg ass och net geplangt esou eng Steier anzeféieren.

Lëtzebuerg, den 16. August 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet
(s.) Martine Deprez